N°1462
Entrée le 05.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.11.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

Et ass gewosst, dass d'Firma SpaceX vum Multimilliardär Elon Musk Geschäftsbezéihungen mat der US-amerikanescher Defense huet. An de leschte Wochen huet de Besëtzer vu SpaceX sech immens an den US-amerikanesche Walkampf agemëscht, woubäi hie selwer op der Plattform X (déi him och gehéiert) Fake News verstreet huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Existéiere Geschäftsbezéihungen tëschent lëtzebuergesche Verwaltungen an der Firma SpaceX?

   Falls jo,
   - wéi eng Servicer bezitt de Staat vun der Firma SpaceX a wéi eng Montanten sinn hei am Spill?
   - wäert d'Regierung weider dës Bezéiungen bäibehalen, trotz dem Musk sengen Aktiounen a Positiounen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten